



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber



Lëtzebuerg, den 30. Januar 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weider ze leeden.

Am Juni 2018 huet den Här Minister de multimodale Projet vum „Séieren Tram“ op der Axe vun der A4 tëscht der Haaptstad an Esch virgestallt, dee soll bis 2035 realiséiert ginn.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte stellen:

- Wéi sinn d'Planifikatioune fir dëse Projet säit 2018 viru komm?
- Goufe schonn Emprise gemaach ? Wa jo, zu wéi engem Präis?
- Wéi vill Prozent vum benéidegten Terrain sinn den Ament an der öffentlecher Hand?
- Wéi gétt d'Situatioun op den Autobunns- Op- an Offaarte gereegelt?
- Wëssend dass et hei just em déi „Escher Streck“ geet a wëssend datt op de Axen Tréier resp. Arel déi selwecht Verkéiersproblemer bestinn, wollt ech wësse wat fir hei fir Mesuren ugeduecht sinn?
- Sinn den Ament Etüden am Gang gemaach ze ginn?
- Denkt de Minister hei och evtl. un ee séieren Tram, eng Busexpressspuer, oder soss un eng Alternativ?
- Ass de Minister weiderhin der Meenung datt den Datum vun 2035 kann agehale ginn.

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Félix Eischen
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 06 MARS 2020

**Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement**



**Service Central de Législation
Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°1794 du 30 janvier 2020 de l'honorable député Monsieur Félix Eischen, concernant le tram rapide entre Luxembourg-Ville et Esch-sur-Alzette, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics**

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op
d'parlamentaresch Fro n°1794 vum 30. Januar 2020 vum honorabelen Deputéierte Félix Eischen
zum "séieren Tram" op der Axe A4**

Den honorabelen Deputéierte Félix Eischen freet a sénger parlamentarescher Fro Informatiounen iwwert de Projet vum séieren Tram deen eis Haaptstad soll mat Esch a Bieles verbannen.

Säit 2018 si meng Servicer am gaang d'Etüden zum séieren Tram ze verdéiwen. Et geet am Moment virun allem drëm ee Betriebskonzept, gëeegent Rullmaterial an d'Lag vun den Arrêten ze definéieren. Parallel gëtt déi méiglech Streckeféierung berechent.

Mir befannen eis am Moment am Stade vun enger Machbarkeetsetüd déi am spéide Fréijoer 2020 misst ofgeschloss sinn. Emprisë ginn an der Reegel eréischt am Stade „Avant-projet détaillé“ gemaach, wann déi genau Besoin'e feststinn. Ee gudden Deel vun den Terrain'e befannen sech awer schon an ëffentlecher Hand well gekuckt gëtt d'A4 als ee gebündelte multimodale Korridor ze plangen, zesumme mat engem Velosexpresswee.

Wéinst der Sécherheet an der Schnelligkeet ass et eist Ziel bei den Autobunns- Op- an Offaarten den Tram souwéi de Velosexpresswee kraizungsfrei ze plangen.

Am Kader vum „Plan national de mobilité 2035“ deen ech am Laf vum Joer 2022 well virstellen, wäerten do wou et néideg ass Mesuren ënnersicht ginn, fir d'Mobilitéit ze verbesseren an déi gëeegentst Verkéiersmëttel pro Korridor a pro Regioun ze fërderen.